**ADMINISTRATION COMMUNALE**

**FLAXWEILER**

# Europawalen – 9. Juni 2024

Den 9. Juni 2024 sinn d'Walen fir d'Europäescht Parlament. Dës Wale stinn all de Lëtzebuerger oppen, déi automatesch op d'Wielerlëschten agedroe ginn, soubal se déi gesetzlech virgeschriwwenen Bedingungen erfëllen, souwéi all aneren EU Bierger deen zu Lëtzebuerg wunnt an sech op Wielerlëscht fir d'Europawalen agedroen huet. All Wieler huet fir d'Europawal zu Lëtzebuerg 6 Stëmmen.

Den Delai fir sech a Wielerlëschten anzedroen geet de 15. Abrëll 2024 um 17 Auer op en Enn.

Et ginn zwou Méiglechkeeten:

- Eng elektronesch Demande stelle via Myguichet.lu;

- Sech bei der Gemengeverwaltung melle wou ee wunnt.

Eemol enregistréiert, ass all Wieler automatesch fir déi nächst Europawalen mat enregistréiert an seng Stëmm ass vun do un obligatoresch. Och wann een an eng aner Gemeng plënnert, bleift een op der Wielerlëscht agedroen.

Fir zu Lëtzebuerg kënne wielen ze goen, muss een:

- Déi lëtzebuergesch Staatsbiergerschaft hunn oder Staatsbierger vun engem aneren EU-Memberstaat sinn;

- Um Waldag (9. Juni 2024) 18 Joer al sinn;

- Zu Lëtzebuerg wunnen an zum Zäitpunkt vun der Demande op d'Wielerlëscht agedroen ze ginn, do gewunnt hunn;

- Sech bis zum 15. Abrëll 2024 um 17 Auer an d'Wielerlëschten agedroen ze hunn.

## Walrecht fir all Bierger vun der EU

EU-Bierger, déi am Grand-Duché wunnen, hunn dat aktiivt a passiivt Walrecht bei de Walen fir d'Europäescht Parlament. Si kënnen zwëschent zwou Aarte wiele fir hier Stëmm ofzeginn.

1) Si kënnen un der Wal vun den europäeschen Deputéierten aus dem Grand-Duché fir dat Europäescht Parlament deelhuelen.
Falls si sech fir dës Aart vu Wal entscheeden, mussen si sech an de Wielerlëschte vun der Gemeng wou si wunnen, androe loossen a si mussen um Dag vun der Wal 18 Joer al sinn. D'EU-Bierger, déi schonn am Wielerregëster fir d'Europawalen agedroe sinn, mussen sech net méi enregistréiere loossen. No dem Enregistrement ass d'Wal fir déi zukünfteg Walen obligatoresch. Ze berücksichtegen ass, dass d'Enregistrement an

d'Lëschte vun de Gemengewalen d'Enregistrement fir d'Europawalen net ersetzt. Et ass och zu all Zäitpunkt méiglech sech nees ofzemellen.

2) Si kënnen och d'Europaparlamentarier vun hirem Hierkonftsland wielen. An dësem Fall mussen si sech un déi zoustänneg Autoritéite vun hirem Heemechtsland wenden, spezifesch un déi jeweilech Konsulater oder Ambassaden.

**Wal per Bréifwal**

All Wieler, den zu Lëtzebuerg am europäesche Wielerregëster agedroen ass, ka bei den Europawalen bei der Gemeng, wou se agedroe sinn, Bréifwal ufroen. Ee Grond fir Bréifwal unzefroen brauch een net unzeginn.

Ab dem 17. Mäerz 2024 kann een Demande entweder:

- Per Post op fräiem Pabeier oder op engem firgedréécktem Formular;
- Duerch eng elektronesch Demande via Myguichet.lu maachen.

Op der Demande musse follgend Donnéeën dropstoen:

- Numm, Virnumm, Wunnsëtz;
- Gebuertsdatum an de Gebuertsuert;
- D'Adresse, wou d'Convocatioun soll geschéckt ginn.

Demande muss beim Schäfferot bis spéitstens:

- Dënschdeg, den 30. Abrëll 2024 fir d'Schécke vum Walschäin op eng Adresse am Ausland;
- Mëttwoch, de 15. Mee 2024 fir d'Schécke vum Walschäin op eng national Adresse Agereecht ginn.

All Demande fir d'Bréifwal, déi bei der Gemeng no dem Delai, vum 30. Abrëll 2024 oder 15. Mee 2024 erakënnt, kann net méi berücksichtegt ginn.

Ee Wieler, deen d'Bréifwal ugefrot huet an deem seng Demande net refuséiert ginn ass, muss dëst ausféieren an huet um Waldag net méi dat Recht, seng Stëmm perséinlech an engem Wallokal ofzeginn.

**D'Wal**

D'Wieler sinn um Waldag vun 8 Auer moies bis 14 Auer nomëttes am Wallokal zougelooss. Um Waldag muss de Wieler sech mat senger Carte d'identité, sengem Pass, sengem Openthaltstitel oder senger Openthaltskart am Wallokal präsentéieren. D'Convocatioun fir wielen ze goen, muss een net matbrengen.